Dans ce cas, il faut appeler l'école ou communiquer l'absence via l'application « Schoolfox », ceci entre 7h40 et 9h00 du matin. Le numéro de téléphone est le 26 88 87 71 02.

3. Parken

Parke kënnt Dir um Parking lénks a riets vun der Spillschoul. Wann do keng Plaz ass da besteet d'Méiglechkeet bei der Crèche, bei der Primärschoul oder beim Kierfecht ze parken. Wgl. NET um Trottoir wou d'Kanner heemtrëppelen parken an och net d'Parkinge verspären oder um Zebrasträife parken.

3. Stationnement

Vous pouvez stationner aux parkings situés des deux côtés de l'école préscolaire. Il y a aussi la possibilité de stationner près de la crèche, de l'école primaire ou du cimetière. Nous vous prions de ne pas stationner sur le trottoir, ni au passage piéton, ni sur l'arrêt de bus devant l'école préscolaire.



Contact : Nadine Meyer
Lori Bissener
Tél. : 26 88 87 – 71 02
Adresse : 19, Duerfstrooss
L-9644 Dahl



D'Spillschoul vun Dol

L'école préscolaire de Dahl

D'Joffere vum Cycle 1 begréissen d'Kanner vu 4-6 Joer wéi gewinnt an hirem Gebai an der Duerfstrooss N°19 zu Dol. Obschonn d'Gebai och schonn e puer Joer um Bockel huet, ass et nach ëmmer schéin an d'Kanner fillen sech wuel an hirer klenger Schoul.

D'Horaire sinn dem Gebai vum C2-C4 ugepasst; vu Méindes bis Freides vun 7h40 bis 12h40. D'Butzen aus dem Cycle 1 däerfe Samschdes raschten, et ass keng Schoul.

D'Kanner kënnen moies mam Bus an d'Schoul kommen a gi vun de Jofferen an Empfang geholl. Fir déi Elteren déi hier Kanner mam Auto an d'Schoul bréngen sti follgend Parkméiglechkeeten zur Verfügung:

- Riets a lénks vum Gebai
- Beim Kierfecht
- Bei der Crèche
- Bei der neier Schoul.

Denkt w.e.g. drun, fir keng Privatgaragen zouzesetzen, an och net virun oder hannert dem Zebrastreifen ze parken. Och den Trottoir soll fräi bleiwen; fir déi Kanner déi zu Fouss an d'Schoul ginn ass d'ëst eng grouss Gefor, déi net z'ënnerschätzen ass.

Dann erënnere mir nach drun, dass d'Kanner ab 4 Joer der „obligation scolaire“ ënnerstinn a mussen ofgemellt ginn, wann si wéinst Krankheet net an d'Schoul kommen. Dofir brauche mir fir all Absence eng schrëftlech Excuse.

Zum Schluss wollte mir et net verpassen, all de Kanner eng gutt Rentrée ze wënschen. Mir freeën eis op e flott Schouljoer a si frou, Är Butzen de 15. September begréissen ze kënnen.

D'Joffere vum Cycle 1 vun Dol

Le personnel de l'enseignement préscolaire accueillent les enfants âgés de 4 à 6 ans comme d'habitude dans le bâtiment 19, Duerfstrooss à Dahl. Bien que le bâtiment soit en service depuis un certain temps déjà, il est toujours aussi beau et les enfants s'y sentent très bien.

Les horaires scolaires sont adaptés aux cycles 2-4 ; du lundi au vendredi de 7h40 à 12h40. Les bambins du cycle 1 peuvent se reposer le samedi, il n'y a pas de cours ces-jours-là.

Les enfants peuvent venir à l'école en bus le matin et sont accueillis par le personnel enseignant. Les parents qui amènent eux-mêmes leurs enfants à l'école sont priés d'utiliser les possibilités de stationnement suivantes :

- à droite et à gauche du bâtiment scolaire
- Près du cimetière
- Près de la crèche
- Près de la nouvelle école.

Ne stationnez pas sur des terrains privés et laissez libres les passages pour piétons et l'arrêt de bus. Il faut également laisser le trottoir libre; des obstacles représentent un grand danger pour les enfants qui se rendent à l'école à pied.

Nous rappelons que les enfants sont soumis à l'obligation scolaire à partir de 4 ans et qu'ils doivent être désinscrits s'ils ne peuvent pas venir à l'école pour cause de maladie. Pour chaque absence, nous avons besoin d'une excuse écrite.

Nous souhaitons à tous les enfants une bonne rentrée scolaire et nous nous réjouissons de les accueillir le 15 septembre.

Le personnel de l'enseignement préscolaire de Dahl



Contact : Pascale Meisch
Nadine Wolff
Maud Bissen

Tél. : 26 88 87 – 72 01
26 88 87 – 72 05
26 88 87 – 71 01

Adresse : 19, Duerfstrooss
L-9644 Dahl

Maison Relais « op der Heckt »

Öffnungszeiten Heures d'ouverture :

Schoulzäit / Périodes scolaires:

7h-7h40	Accueil (bis 7h30) / <i>Accueil (arrivé jusqu'à 7h30)</i>
12h40-14h00	Mëttegiessen / <i>Repas de midi</i>
14h00-16h00	Aktivitéiten / Sortie / Fräispiil * / <i>Activité / sortie / jeu libre *</i>
16h00-17h00	Snack / <i>Collation</i>
17h00-19h00	Fräispiil / <i>Jeu libre</i>

Schoulvakanz / Vacances scolaires :

7h-8h30	Accueil / Fräispiil / <i>Accueil / Jeu libre</i>
8h30-10h00	Früstüeck / Fräispiil / <i>Petit-déjeuner / jeu libre</i>
10h00-12h00	Aktivitéiten / Sortie * / <i>Activités / Sortie</i>
12h00-14h00	Mëttegiessen / Fräispiil / <i>Repas / Jeu libre</i>
14h00-16h00	Aktivitéiten / Sortie * / <i>Activités / Sortie *</i>
16h00-17h00	Snack / <i>Collation</i>
17h00-19h00	Fräispiil / <i>Jeu libre</i>

* D'Auerzäite kënnen sech änneren anhand vun den Aktivitéiten / Sortie.

* *Les horaires peuvent varier selon les activités / sorties.*

Mir si vum 24. Dezember 2026 bis den 1. Januar 2027 zou.
La maison relais est fermée entre le 24 décembre 2025 et le 2 janvier 2026.

Sécheren Iwwergang Schoul > Maison Relais

Fir ee sécheren Iwwergang tësche Schoul a Maison Relais, biede mir lech äert Kand iwwert d'App Kidola ofzemellen. D'Ofmellunge mussen virun 9h00 gemaach ginn.

Opgepasst: Am Zweiwelsfall geet d'Kand an d'Maison Relais a soll do vun den Elteren ofgeholl ginn. Et geet op kee Fall an de Bus.

Aschreiwung:

All nei Umeldung vun engem Kand gëtt no engem Gespréich mat der Chargée gemaach.

D'Umeldung fir d'Vakanze muss bis den 20. vum viregte Mount iwwert d'App Kidola gemaach ginn. Well d'Kanner ee Recht hunn op Rou an Erhuelung, müssen si mindestens 3 Woche Congé während dem Schouljoer hunn (2 Wochen um Stéck).

All Informatiounen fannt Dir um Site vun der Gemeng: www.goesdorf.lu

Aktivitéiten:

Verschieden Aktivitéiten a Projet'e ginn am Laf vum Joer proposéiert a mat de Kanner ausgeschafft. Ausserdeem ginn eng Hausaufgabenopsicht a Fräispiil ugebueden.



Alma



Brigitte



Cristiana



Fabian



Kathia



Kévin



Manuela

Transition en toute sécurité Ecole > Maison Relais

Afin de garantir une transition en toute sécurité entre l'école et la Maison Relais, nous vous prions de signaler l'absence de votre enfant via l'application Kidola, et ce avant 9h00.

Attention : En cas de doute, l'enfant viendra à la Maison Relais et les parents devront venir chercher l'enfant à la Maison Relais. En aucun cas, l'enfant prendra le bus scolaire.

Inscription :

Toute nouvelle inscription se fait après un entretien avec la chargée.

L'inscription pour les vacances scolaires doit être effectuée via l'application Kidola avant le 20 du mois précédant. L'enfant ayant un droit de repos, il doit avoir au moins 3 semaines de congé pendant l'année dont 2 complètes consécutives.

Vous trouvez toutes les informations concernant la Maison Relais sur site de la commune : www.goesdorf.lu

Activités :

Différents activités et projets sont proposés pendant l'année et crée avec les enfants. En plus, des jeux libres et des devoirs surveillés sont proposés.

Contact : Kathia Carraco
(Chargée de direction)

Cristiana Rodrigues
(Chargée adjointe)

Tél. : 26 88 87 - 3000

E-mail : maison.relais@goesdorf.lu

Adresse : 13, Nacherwee
L-9644 Dahl



Michelle



Murielle



Sam



Tania



Vanessa



Babu

Contact : Jessy Rentmeister
(Chargée de direction)

Tél. : 26 88 87 - 31 21

E-mail : jessy.rentmeister@mrc.goesdorf.lu

Adresse : 4, op der Heckt
L-9644 Dahl



Crèche Zwergen op der Heckt

An der Crèche „Crèche Zwergen op der Heckt“ ginn d'Kanner am Alter vun 3 Méint bis zum Zäitpunkt wou si an d'Spillschoul ginn betreit.

Eis Arichtung zielt zu de konventionéierte Strukturen, an deemno si mir och Deel vum CSA - Chèque-Service Accueil.

Ausserdeem si mir eng inklusiv Struktur, déi all Kanner an hirer Individualitéit begréisst. Eist Team huet als d'Ziel fir all Kand déi passend Offer ze fannen, fir dass all Kand a senger Entwécklung, no sengem Rhythmus gefërdert gëtt.

Als Team vun der Crèche „Zwergen op der Heckt“ leeë mir grouse Wäert op:

- Perséinlechkeet vun all Kand beuecht gëtt
- eng individuell Fërderung vun de Kompetenze vun all Kand
- d'Unerkennung a Fërderung vun den individuellen Interessen, Stärkten an der Egekreativitéit
- Stärkung vu sengem Selbstvertrauen
- Fërderung vun der Autonomie
- Respekt a Berécksiichtegung vum kulturellen Ëmfeld a vun de biografeschen Aspekter vun de Kanner
- Recht dass Kanner dierfe matbestëmmen
- Kooperatioun vun de Kanner an alle méiglechen Aufgabeberäicher



Ausserdeem leeë Mir Wäert op eng fréi a méisproocheg Bildung.

Eis Crèche ass vu Méindes bis Freides vu 07:00-19:00 Auer op.

D'Feierdeeg hu mir zou.

Mir sinn dat ganz Joer op, mat Ausnam vum 24. Dezember bis den 2. Januar wou mir Kollektivcongé hunn.

D'Aschreiwung vum Kand gëtt no engem Gespréich mat der Chargée de direction vun der Crèche gemaach.

Dir kënnt e Rendez-vous per Telefon mat der Madamm Jessy Rentmeister ënnert der Nummer 26 88 87-31 21 ausmaachen.



Aline



Chantal



Claudine



Finnja



Isabelle



Jill



Julie



Katrien

La crèche « Crèche Zwergen op der Heckt » accueille les enfants âgés de 3 mois jusqu'à leur entrée à l'école préscolaire.

Notre structure fait partie des structures conventionnées et, par conséquent, nous faisons également partie du CSA - Chèque-Service Accueil.

De plus, nous sommes une structure inclusive qui accueille tous les enfants dans leur individualité. Notre équipe a pour objectif de trouver des offres adaptées à tous les enfants, afin que chaque enfant puisse être encouragé dans son développement selon son rythme.

En tant qu'équipe de la crèche «Zwergen op der Heckt», nous attachons une grande importance à

- le respect de la personnalité de chaque enfant
- l'encouragement individuel des compétences de chaque enfant
- la reconnaissance et l'encouragement des intérêts individuels, des points forts et de la créativité personnelle
- le renforcement de sa confiance en soi

- la promotion de l'autonomie
- le respect et la prise en compte de l'environnement culturel et des aspects biographiques de l'enfant
- le droit de participation des enfants aux décisions
- la coopération des enfants dans tous les domaines de tâches possibles.


En outre, nous accordons une grande importance à l'éducation multilingue précoce.

Notre crèche est ouverte du lundi au vendredi de 07h00 à 19h00.

Nous sommes fermés les jours fériés.

Nous sommes ouverts toute l'année, à l'exception du 24 décembre au 2ème janvier, où nous sommes en congé collectif.

L'inscription d'un enfant se fait uniquement après un entretien avec la chargée de direction. Vous pouvez prendre rendez-vous par téléphone avec Madame Jessy Rentmeister au numéro 26 88 87-31 21.



Kim



Lina



Lisa



Sandy




Simone



Stefane



Sylvie



Tom

Gesondheetsdéngscht an der Schoul



Am Laf vum Schouljoer gëtt de Gesondheetszoustand vun de Schoulkanner duerch eng schoulmedezinesch Ekip vum der „Ligue Médico-Sociale“ iwwerpréift.

Des Ënnersichunge ginn no de Bestëmmunge vum ofgeännerte



Gesetz vum 2. Dezember 1987 an dem groussherzogleche Beschloss vum 24. Oktober 2011 zu der Reegelung vun der schoulmedezinescher Betreung duerchgefouert.

An der Grondschoul gi folgend Ënnersichunge bei de Schüler vun den Zyklen 1.1, 1.2, 2.2, 3.2 an 4.2 duerchgefouert:

- Gewiicht a Gréisst
- Urin-Ënnersichung (Blutt, Glukos, Eewäiss)
- Sehtest
- Hörtest
- Zännkontroll
- Iwwerpréiwung vun der Impfkaart
- Eng individuell Ënnersichung kann op Nofro duerchgefouert ginn
- Bei Bedarf: Sozialbericht

Medezinesche Beräich:

De Schouldokter dierf keng Behandlung duerchféieren. Sollte bei der Ënnersichung bestëmmte Symptomer opfalen, kritt Dir dat schrëftlech matgedeelt mat der Recommandatioun, Ären Hausdokter opzesichen.

Des Opfällgkeete ginn an engem perséinleche „Carnet médical scolaire“ notéiert a vertraulich behandelt.

Aner medezinesch Ënnersichungen:

Zousätzlech gi weider Ënnersichunge vun Doktere vum Gesondheetsministère duerchgefouert:

- Fréierkennung vu Karies an/oder Feelstellung vun den Zänn duerch de Schoulzännndokter

Am Cycle 1:

- Fréierkennung vu Sehstéierungen duerch de „Service d'orthoptie et de pléoptie“

- Fréierkennung vu Gehéierstéierungen duerch de „Service d'audiophonologie“

Op Nofro:

- Ernährungsberodung
- Asthmaschoul

Soziale Beräich

D'Sozialaarbechter stinn de Kanner, Elteren, Léierpersonal a jidderengem soss zur Verfügung, deen sech em d'Wuel vun engem Schoulkand këmmert.

D'Ekip vum der „santé scolaire“ ënnerläit der Schweigeflicht a schafft mat:

- Dem Léierpersonal
- Der Regionaldirektioun
- Der Maison Relais
- Der Gemeindeverwaltung

- Der Commission d'Inclusion (CI)
- Multi-professionellen Ekippen (ESEB) – Ënnerstëtzung fir Kanner mat edukativen oder besonneschem Förderbedarf
- Anere spezialiséierte Berodungsstellen

Gesondheetsfërderung an -erzéiung

Déi medezinesch-sozial Ekip vum der Ligue organiséiert Aktivitéiten an der Grondschoul am Beräich Gesondheetsfërderung souwéi och Gesondheetserzéiung. D'Zil ass et, de Kanner gesond Liewensgewunnechte bäizebréngen.

Medezinesche Beräich:
Nadine HAAS

Soziale Beräich:
Fabienne STEICHEN



Santé scolaire

Au cours de l'année scolaire, l'état de santé de chaque enfant est surveillé par l'équipe de santé scolaire de la Ligue médico-sociale à l'école.

Les interventions sont réalisées suivant les dispositions de la loi modifiée du 2 décembre 1987 et du règlement grand-ducal du 24 octobre 2011 portant réglementation de la médecine scolaire.

Pour l'enseignement fondamental, les bilans, tests et mesures de dépistage suivants sont pratiqués chez les élèves des cycles 1.1, 1.2, 2.2, 3.2 et 4.2 et selon les besoins de l'enfant au cours des autres cycles :

- Prise de poids et de la taille
- Analyse sommaire des urines (recherche de glucose, d'albumine et de sang)
- Examen sommaire de l'acuité visuelle
- Bilan auditif
- Contrôle dentaire
- Surveillance de la carte de vaccination
- Un bilan social peut être réalisé en cas de besoin

- Un bilan social peut être réalisé en cas de besoin

Domaine médical

Le médecin scolaire ne propose aucun traitement médical. Si lors de l'examen des contestations nécessitant un avis médical complémentaire sont faites, nous vous adresserons une lettre motivée avec la recommandation de consulter votre médecin de confiance.


Les observations médicales sont inscrites dans le « carnet médical scolaire » de l'enfant et gérées en toute confidentialité.

Les parents des enfants du cycle 1 sont invités à accompagner leur enfant lors de ces examens.

Autres interventions médicales :

La surveillance médicale est complétée par d'autres examens, faits par des services spécialisés du Ministère de la Santé :





- Examen bucco-dentaire annuel

Au cycle 1 :

- Dépistage des troubles visuels par le Service d'orthoptie et de pléoptie
- Dépistage des troubles auditifs par le Service d'audiophonologie

En cas de besoin :

- Consultation diététique
- Consultation pour enfant asthmatique (Ecole de l'Asthme)

Domaine social

L'assistance (hygiène) sociale est à l'écoute des enfants, des parents, des enseignants et de toute autre personne privée ou professionnelle concernée par le bien-être d'un élève de l'enseignement fondamental.

L'équipe de santé scolaire collabore étroitement dans le respect du secret professionnel avec :

- Le personnel de l'enseignement scolaire
- La Direction régionale
- La maison relais
- L'administration communale
- La Commission d'Inclusion (CI)
- L'Equipe de soutien des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques (ESEB)
- D'autres services spécialisés

Promotion de la santé et éducation

L'équipe de santé scolaire de la Ligue médico-sociale organise des activités de promotion et d'éducation à la santé, en faveur des élèves. L'objectif de ces activités est de guider votre enfant vers des habitudes de vie saine.

Intervenant médical :
Nadine HAAS

Intervenant social :
Fabienne STEICHEN

LASEP



D' Zäitpläng ginn schnellst méiglech op eisem Internetsite publizéiert.

Les horaires seront publiés sur le site internet de la commune dans les meilleurs délais.

De Standard Formular fir d'Aschreiwung kann hei erofgeluede ginn:


Le formulaire d'inscription standardisé peut être téléchargé ici :

SCAN ME



ESEB

(ÉQUIPE DE SOUTIEN DES ÉLÈVES À BESOINS ÉDUCATIFS PARTICULIERS OU SPÉCIFIQUES)



Marc Decker



Mir gehéieren
zu enger Equipe
pluridisziplinär, déi
ass zesummegeallt
aus Educateuren,
Psychologen,
Ergotherapeuten,
Logopeden asw...

Déi Equipe pluridisziplinär hëlleft all Kand
mat engem spezielle Besoin, ob déi Aart
a Weis déi d'Kand brauch fir sech an der
Schoul wuel ze fillen, fir gutt kenne mat ze
schaffen.

Kanner mat engem spezielle Besoin, sollen
Inclusioun am Alldag erliewen, dass och déi
Kanner, obwuel Si eng Behënnerung hunn,
ee glécklechen an „Normalen“ Alldag
kenne genéissen.

*Nous faisons partie d'une équipe
pluridisciplinaire composée d'éducateurs,
de psychologues, d'ergothérapeutes, de
logopèdes, etc.*

*Cette équipe aide chaque enfant ayant
des besoins spécifiques, de la manière
dont l'enfant a besoin, pour se sentir à
l'aise à l'école et pour pouvoir collaborer au
mieux.*

*Les enfants ayant des besoins spécifiques
devraient faire l'expérience de l'inclusion
au quotidien, afin que tous les enfants, y
compris ceux ayant un handicap, puissent
profiter d'une vie quotidienne heureuse et
« normale ».*

I-EBS

Jill Fischbach



D'I-EBS an eiser Schoul

Als I-EBS (institutrice spécialisée dans la scolarisation des élèves à besoins éducatifs spécifiques) sinn ech dofir zoustänneg, datt eis Schoul inklusiv ass, wou all Kand, egal mat wéi enge Bedierfnesser, seng Plaz fënnt fir ze léieren a sech entfale kann.

Ech sinn haaptsächlech Usprichpartnerin fir Schülerinnen a Schüler, déi Ënnerstëtzung beim Léieren oder am sozial-emotionale Beräich brauchen. Ech schaffe mat de Léierpersounen an der ESEB zesummen a begleeden d'Kanner, jee no Besoin, am Klasseverband a Klenggruppen oder am Einzelsetting.

Meng Fërderaarbecht orientéiert sech un den individuelle Bedierfnesser vun all Kand. Dobäi setzen ech op handlungsorientéiert a konkret Methoden, déi d'Léiere méi gräifbar maachen. E wichtege Schwéierpunkt läit op fréizäiteger Ënnerstëtzung, fir Léierschwieregkeeten zäiteg entgéintzewierken.

Doriwwer eraus sinn ech eng Bréck tëschent Schoul, Elteren a regionalen a nationale Fachdéngschter (CI, Kompetenzzentren), fir eng beschtméiglech Begleitung vun Ärem Kand ze garantéieren.

L'I-EBS dans notre école

En tant qu'I-EBS (institutrice spécialisée dans la scolarisation des élèves à besoins éducatifs spécifiques), je suis responsable de faire de notre école une école inclusive où chaque enfant, quels que soient ses besoins, trouve sa place pour apprendre et peut s'épanouir.

Je suis principalement l'interlocutrice des élèves qui ont besoin d'un soutien dans le domaine des apprentissages ou sur le plan socio-émotionnel. Je travaille en collaboration avec les enseignants et l'ESEB, et j'accompagne les enfants, selon leurs besoins, en classe, en petits groupes ou en individuel.

Mon travail de soutien s'oriente selon les besoins individuels de chaque enfant. Pour ce faire, je m'appuie sur des méthodes concrètes et orientées vers l'action, qui rendent les apprentissages plus tangibles. Un axe important est l'intervention précoce, afin de remédier aux difficultés d'apprentissage le plus tôt possible.

Par ailleurs, je suis un pont entre l'école, les parents et les services spécialisés régionaux et nationaux (CI, centres de compétences), afin de garantir le meilleur accompagnement possible pour votre enfant.



A-EBS

Stéphanie Arend



Hinter dem Namen Stephanie Arend versteckt sich die A-EBS der Klassen- oder wie ich es nenne: die Gefühls-Feuerwehrfrau und Alltags-Retterin! Ich lösche emotionale Brände mit ganz viel Empathie, bändige widerspenstige Reißverschlüsse und Schnürsenkel, und bringe mit viel Ruhe Struktur und Humor ins kreative Chaos.

Derrière le nom de Stephanie Arend se cache l'A-EBS de la classe — ou comme je l'appelle : la pompière des émotions et la sauveuse du quotidien ! J'éteins les incendies émotionnels avec beaucoup d'empathie, je dompte les fermetures éclair et les lacets rebelles, et j'apporte, avec beaucoup de calme, de la structure et de l'humour dans le chaos créatif.





abc



Marie-Thérèse Demuth

Cours d'accueil

Moien,

Mäi Numm ass Marie-Thérèse Demuth.

Ech se Léierin vum Cours d'accueil
a betreien Kanner déi nei bei eis op
Lëtzebuerg komm sinn.

Wat ass Cours d'accueil ?

De Cours d'accueil ass en intensive
Sproochecours. D'Kand gëtt fir d'éischt mat
Däitsch oder Franséisch familiariséiert, fir
datt et d'Enseignanten an déi aner Kanner
versteet an sech ausdrécke kann.

D'Ziler vum Cours d'accueil sinn, dem
Kand, wat nei ukënnt, genuch Däitsch- an/
oder Franséischkenntnisser mat op de Wee
ze ginn, fir kënnen a senger Reegelklass
matzeschaffen.

Am Cours d'accueil gëtt mat enger
Sprooch ugefaangen (Däitsch oder
Franséisch, jee no Virkenntnisser,
Schoulparsours, Éischtsprooch an Alter).
Eréischt, wann d'Kand déi nei Sprooch
ganz an der Reegelklass matléiert, kann
déi zweet Sprooch am Cours d'accueil
ugefaange ginn.

Bonjour,

*Je m'appelle Marie-Thérèse Demuth et je
suis enseignante au cours d'accueil.*

*J'encadre les enfants qui viennent
s'installer au Luxembourg.*


Qu'est-ce que le cours d'accueil ?

*Les cours d'accueil sont des cours intensifs
de langue. L'enfant est familiarisé avec
l'allemand ou le français pour qu'il
puisse s'exprimer et être compris par les
enseignants et les autres enfants.*

*Les objectifs du cours d'accueil sont de
donner à l'enfant, qui vient de l'étranger
au Luxembourg, suffisamment de
connaissances en allemand et/ou en
français pour qu'il puisse s'intégrer dans
une classe régulière.*

*Au cours d'accueil, on commence à étudier
une seule langue (allemand ou français,
selon les connaissances, parcours scolaire,
test d'aptitude et âge). Dès que l'enfant
sait suivre les cours dans la langue apprise,
il pourra commencer à apprendre une
deuxième langue au cours d'accueil.*

Service de l'intégration et de l'accueil scolaires (SIA)



De Service fir schoulesch Integratioun an Opnam (SIA) ass fir d'Organisatioun vun der Aschoulung vu Kanner zoustänneg, déi nei a Lëtzebuerg wunne kumm sinn. Seng Aufgab ass, d'Schüler an hir Elteren ze empfänken an iwwer déi verschidde Méiglechkeete vun der Aschoulung am Primär souwéi och Postprimäre Beräich ze informéieren. (Cours d'accueil, Klasse mat besonnesche Sproocheregelungen, asw.)

Le Service de l'intégration et de l'accueil scolaires (SIA) est chargé d'organiser la scolarisation des enfants récemment arrivés au pays. Il a pour mission d'accueillir ainsi que d'informer les élèves et leurs parents sur les différents modes de scolarisation envisageables dans l'enseignement primaire et postprimaire (classes d'accueil, classes à régime linguistique spécifique, etc.).

Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse Service de l'intégration et de l'accueil scolaires (SIA)

Adresse : 38, rue Philippe II
L-2340 Luxembourg Luxembourg

Tél. : (+352) 247 75274

E-mail : secretariat.sia@men.lu

Site web : <https://men.public.lu/fr/systeme-educatif/scolarisation-eleves-etrange.html>

Heures d'ouverture du guichet (uniquement sur rendez-vous) : Ouvert : 8h00 - 11h45, 13h00 - 16h45

Huel e Rendez-vous:
Prenez un rdv:



ACCUEIL DES ÉLÈVES NOUVELLEMENT ARRIVÉS AU LUXEMBOURG



1 RENDEZ-VOUS

Demande de rendez-vous
par la famille (avant l'arrivée au Luxembourg : possibilité de prise de contact avec le SIA)



2 PRISE EN CHARGE

Prise en charge de la famille par le SIA
avec un médiateur interculturel si besoin

- Informations sur le système scolaire luxembourgeois
- Recueil d'informations sur la scolarité antérieure de l'élève
- Constitution d'un dossier pour chaque enfant de la famille



3 ORIENTATION

Proposition d'orientation
vers une classe appropriée



4 SUIVI

Suivi de l'élève
pendant deux ans



38, rue Philippe II
L-2340 Luxembourg
+352 247-75274
secretariat.sia@men.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

BIENVENUE À L'ÉCOLE LUXEMBOURGEOISE



élèves âgés de
4 à 24 ans

Chers parents,

Vous venez d'arriver ou vous souhaitez vous installer au Luxembourg ?

Le ministère de l'Éducation nationale est à vos côtés pour la scolarisation de votre enfant.

Le Service de l'intégration et de l'accueil scolaires (SIA)

- accueille les familles nouvellement arrivées au Luxembourg
- informe et conseille l'élève et ses parents sur toutes les questions liées à l'offre scolaire luxembourgeoise
- propose un suivi individuel pendant deux ans.

Pour bénéficier de cette offre du SIA, vous pouvez **prendre rendez-vous** en scannant le code QR suivant :



Les rendez-vous peuvent avoir lieu dans les bureaux du SIA à Luxembourg-Ville ou, le cas échéant, par visio.

Le formulaire de demande de rendez-vous est disponible en : allemand, anglais, arabe, bosnien/croate/monténégrin/serbe, chinois, espagnol, farsi, français, portugais, russe, tigrigna/érythréen et ukrainien.

ELTERENVERTRIEDER

WUELBEFANNEN
VUN DE KANNER
STEET AM
MËTTELPUNKT

MIR GINN EISEN
AVIS ZUM
SCHOULENTWÉCKLUNGS-
PLANG (PDS) OF

2025
-
2028

DENG MEENUNG ASS
WICHTEG

DENG PROPOSEN SEN
WICHTEG FIR SE AKTIV A
VERSAMMLUNGEN ZE
VERTRIEDEN

MIR HËLLEFEN BEI
ORGANISATION VU
SOZIAL A KULTURELLEN
EVENTER



SCHÉCK EIS EE MAIL:
ELTERENVERTRIEDER@GOESDORF.LU

KONTAKT
MAT DEN
ELTEREN



MIKE
ZENNER

SCHWÄTZ MAT EIS
PERSÉINLECH



JENNIFER
WAGENER - IN'T GROEN

RESULTATER ËMFRO UN D'ELTEREN

AM UFANK VUM SCHOULJOER HU MIR ALS ELTEREVERTRIEDER ENG ËMFRO BEI DEN ELTERE LANCEÏERT. D'ZIL WAR ET, E BESSERT BILD DOVUNNER ZE KRËIEN, WÉI D'ELTEREN D'SCHOULSITUATIOUN ERLIEWEN, WAT SI SCHÄTZEN A WOU SI NACH VERBESSERUNGSPOTENZIAL GESINN. MIR SOEN ALLE FAMILLJE VILLMOOLS MERCI, DÉI SECH ZÄIT GEHOLL HUNN, EIS HIR MEENUNG MATZEDEELEN.

D'ALLGEMENG ZEFRIIDENHEET MAT DER AKTUELLER SCHOULSITUATIOUN ASS POSITIV AUSGEFALL. DAT WEIST, DATT DÉI MEESCHT KANNER SECH AN EISER SCHOUL GUTT OPGEHUEWE FILLEN AN D'ELTEREN ALLGEMENG ZEFRIIDEN SINN.

BESONNESCH GELUEFT GOUFEN DÉI GUTT ZESUMMENAARBECHT TËSCHT ELTEREN AN ENSEIGNANTEN, DAT GROUSST ENGAGEMENT VUM SCHOULPERSONAL AN DÉI FRËNDLECH ATMOSPHÄR. VERSCHIDDEN ELTEREN HUNN OCH DÉI AUSSERSCHOULESCH AKTIVITÉITEN, D'BETREIUNG AN DER CRËCHE A PRÉCOCE ERVIRGEHUEWEN.

NATIERLECH GOUF ET OCH KONSTRUKTIV VERBESSERUNGSVIRSTELLUNGEN. E PUER THEMEN SINN ËMMER NEES GENANT GINN:

ENG IWWERPRÉIUNG VUN DE SCHOULZÄITEN AN DEM STONNEPLANG;

MANNER HAUSAUFGABEN AN ENG BESSER OFSTËMMUNG TËSCHT SCHOUL A FAMILLJELIEWEN;

VERBESSERUNG BEI DER ORGANISATIOUN VUN DER MAISON RELAIS; ENG NACH BESSER KOMMUNIKATIOUN A MÉI INFORMATIOUN FIR D'ELTEREN.

OP D'FRO, WAT D'ELTEREN SECH VUN EIS ALS ELTEREVERTRIEDER ERWAARDEN, GOUF VIRUN ALLEM DE WONSCH GEÄUSSERT, DATT MIR ALS USPRIECHPARTNER DO SINN, D'INTERESSE VUN DEN ELTERE VERTRIEDEN AN EIS AKTIV FIR VERBESSERUNGEN AM ALLDAG VUN DE KANNER ASETZEN.

VILL ÄNTWERTE WARE BEGLEET VU MERCI-WIERDER FIR D'AARBECHT VUN DEN ENSEIGNANTEN, DEM SCHOULPERSONAL AN OCH DEN ELTEREVERTRIEDER.

DAT MOTIVÉIERT EIS, EISEN ENGAGEMENT WEIDERZEFÉIEREN.

D'RESULTATER VUN DËSER ËMFRO SINN ENG WÄERTVOLL GRONDLAG FIR EIS ZUKÜNFTEG AARBECHT. MIR WÄERTEN DÉI VERSCHIDDEN UREEGUNGEN AN DE PASSENDE GREMIEN USCHWÄTZEN AN EIS WEIDER DOFIR ASETZEN, DATT D'SCHOUL SECH AM SËNN VUN ALLE KANNER.

NACH ENG KÉIER E GROUSSE MERCI UN ALL DÉI, DÉI UN DER ËMFRO DEELGEHOLL HUNN. ÄR MEENUNG ASS WICHTEG A HËLLEFT EIS, ZESUMMEN ENG LIEWEG AN OPPEN SCHOULGEMEINSCHAFT ZE GESTALTEN.

ULÉIEN DÉI MIR KONKRET AN EISEN VERSAMMLUNGEN UGESCHWAT HUNN:

- BEHËNNERTEN GERECHT SPILLGERÜST UGEFROT
- BUSTRANSPORT FIR KANNER AB 4 JOER (PRÉCOCE)
- PDS KANN OP DEMANDE BEI DER GEMENG GEKUCKT GINN.

Mir, Psychomotoriker an Ergotherapeuten aus der Sektoun 2 vum "Centre pour le développement moteur" (CDM) bekëmmen eis ëm Fréierkennung vu motoreschen Defiziter a sinn do fir d'motoresch Fäegkeeten bei de Kanner aus dem Cycle 1.2. ze ënnerstëtzen.

D'motoresch Fäegkeeten sinn eng wichteg Viraussetzung fir de schoulmotoreschen Erausforderungen gewuess ze sinn.

D'Kollaboratioun mat den Elteren an dem ganze Schoulpersonal ass och e wichtigen Deel vun eisem Handele fir dem Kand eng Ënnerstëtzung ubidden ze kënnen. Nieft enger eventueller motorescher Förderung gëtt dem Kand seng Perséinlechkeetsentwécklung positiv ënnerstëtzt. Dës Ënnerstëtzung (Begleedung & Förderung) baséiert sech op d'Stärkten an d'Interesse vum Kand.

Wéi gi mir vir?

- Info-Blat fir d'Elteren (Cycle 1.2.) am Ufank vum Schouljoer
- Observatiounen an der Schoul (Motoreschen Dépistage bestoend aus 14 motoreschen Übungen)

Wat kucke mir?

- Grobmotorik (Gläichgewicht, verschidden Koordinatiounen, ...)
- Handmotorik (schneiden, molen, pechen, ...)

Am Fall wou d'Kand kéint vun eiser präventiver Aarbecht profitéieren:

- Austausch mat den Elteren an mam Schoulpersonal
- Mam Accord vun den Eltere proposéieren mir eng präventiv Förderung an der Motorik (individuell oder am Grupp)

Käschten?

- Dëse Service gëtt finanziert vum Ministère de l'Education nationale

Nous, psychomotriciens et ergothérapeutes de la section 2 du Centre pour le développement moteur (CDM), sommes responsables du dépistage systématique des difficultés motrices et offrons un soutien moteur aux enfants du cycle 1.2.

Afin de relever les défis moteurs de l'école, il est important que les compétences motrices soient appropriées à l'âge développemental.

La coopération avec les parents et l'ensemble du personnel de l'école constitue également une part importante de nos activités de soutien à l'enfant. En plus du soutien moteur possible, le développement de la personnalité est également influencé positivement. Notre soutien est basé sur les forces et les intérêts des enfants.

Comment procéder ?

- Fiche d'information pour les parents (cycle 1.2) au début de l'année scolaire
- Observations à l'école (dépistage consistant en 14 exercices moteurs)

Qu'observons-nous ?

- Motricité globale (équilibre, coordination générale, ...)
- Motricité fine (couper, colorier, coller, ...)

En cas de soutien préventif, les étapes suivantes sont proposées :

- Échange avec les parents et le personnel de l'école.
- Avec le consentement des parents, nous proposons un soutien moteur préventif (individuel ou en groupe).

Quels sont les coûts ?

- Notre offre est financée par le «Ministère de l'éducation, de l'enfance et de la jeunesse» et elle est donc gratuite.

CDM-SEKTION 2

Wee si mir? Wat maache mir?

Ween?

Ergotherapeuten
& 
Psychomotoriker

zoustänneg fir

d'Fréierkennung
vu motoreschen
Entwécklungsstéierungen

JUST AM
C.1.2!!





Wéi?

Mam Dépistage!*

D'Kanner maache mat eis eng Rees an de Weltall



± 10% vun de Schüler, weisen hei
Schwieregkeeten op



*

Art 5 Paragraphe 1 A1.b

Loi du 20 juillet 2018 portant création de Centres de compétences en psycho-pédagogie spécialisée en faveur de l'inclusion scolaire

Source : legilux.public.lu

Schoulregelen nom R-A-D-Prinzip

Règles d'école d'après le principe R-A-D

Respekt:

Ech respektéiere meng Matmënschen – ech si léif mat anere Kanner an ech sinn héiflech vis-à-vis vum Léierpersonal/vun den Educateurs

Respect :

Je respecte mes prochains – je suis aimable envers les autres enfants et je suis poli envers le personnel enseignants/les éducateurs.



Aufmerksamkeit – Achtsamkeit:

Ech hëllef, wou Hëllef gebraucht gëtt.

Ech versuerge mech.

Attention :

J'aide chacun qui a besoin d'aide.

Je fais attention à mes besoins.

Disziplin:

Ech maache mäi Beschtt fir gutt mat ze schaffen a fir mech un d'Schoulregelen ze halen.

Discipline :

Je fais de mon mieux pour bien travailler et pour obéir aux règles d'écoles.

Konsequenzen:

1. Schrëtt: Verwarnung an (jee no Feelverhale vum Kand) Excuse vum Kand
2. Schrëtt: Klärend Gespréich mam Kand an (jee no Feelverhale vum Kand) Sanktioun
3. Schrëtt: Gespréich vum Enseignant mat den Elteren
4. Schrëtt: Gespréich vun der Equipe pédagogique mat den Elteren
5. Schrëtt: Fiche de signalement un déi responsabel Instanzen (Gemeng, Inspektorat, MENEJ, CIS, Police, Parquet judiciaire, ...)

Jee no Feelverhalten a jee nom weidere Behuele vum Kand duerno, brauch kee weidere Schrëtt ennerholl ze ginn, oder kann deen een oder anere Schrëtt iwwerspronge ginn.

Conséquences :

1. Etape : Avertissement et (selon le comportement inadéquat) excuse de l'enfant
2. Etape : Entretien avec l'enfant et (selon le comportement inadéquat) sanction
3. Etape : Entretien de l'enseignant avec les parents
4. Etape : Entretien de l'équipe pédagogique avec les parents
5. Etape : Fiche de signalement aux instituteurs responsables (commune, Inspectorat, MENEJ, CIS, Police, Parquet judiciaire, ...)

Selon la gravité du comportement inadéquat et selon la conduite de l'enfant après son comportement inadéquat, toutes les étapes n'ont pas besoin d'être entamées ou bien l'une ou l'autre étape peuvent être sautées.

Foto-Reportagen

Reportages photos



MR

E kléngen Abléck an
den Alldag souwéi och
verschidden Aktivitéite
vun der Maison Relais.





Zwergen on Tour



Fir d'éischt entdecken
mer Neies...




... an dono gënne
mer eis eng Paus

Crèche









Déieren am Wanter

De Cycle 2.1 war op eng Sortie pédagogique an de Centre écologique zu Housen. Do sinn d'Kanner vill iwwert d'Déieren am Wanter gewuer ginn.

Och haten d'Kanner d'Geleeënheet, eng schéi Fudderglack hierzustellen. Ueschléissend dorun hu mir an der Schoul nach Donuts aus Villerchersfudder gemaach.



Fuesend



Schnéi



Summer



Äppelviz



Am Oktober war de Cycle 2.1 Äppelviz op den Hanshaff maachen. Fir d'éischt hu mir ganz vill Äppel misse rafen. Dës hu mir gewäsch a gepresst. Dofir misst ee ganz staark sinn. Dee leckere Viz gouf dunn ofgefëllt a jidderee konnt eng Fläsch mat heem huelen. Duerno ware mir nach d'Déiere kucken an hunn am Stréi gespillt.





Schoulausflug



LevelUp Bewegungs- Challenge 2026

Vum 12. November 2025 un haten déi zwou C3 Klassen all 6 Wochen eng nei Bewegungs-Challenge ze meeschtere fir den Titel als beweeglechst Klass ze kréien.

Um Enn vun all Challenge hu mir e kuerze Video vun enger Minutt a 5 Fotoen op Teams ropgelueden.


Eis Klassen hunn et no deenen 3 Challenge bis an d'Finall gepackt an do hu mir eis missen zesumme mat anere Klassen nach enger leschter, decisiver Challenge stellen.

Op der Schoulfoire den 22.4.26 haten eis Schouklasse d'Chance, ëm den Titel vun der „beweeglechster Klass 2026“ ze kämpfen, sech feiern ze loossen a flott Präisser ze gewannen. Mir hunn déi drëtt Plaz kritt a si mega stolz op eis.





Am November 2025 sinn d'Kanner vum C3 mat der Joffer Steffy am Kader vum Eveil bei de Buergermeeschter op Visite gaangen. Si konnten dem Buergermeeschter Froen zu senger Tâche stellen a kruten och nach eng Visite guidée.




Kröschtdag

C4





Ouschteren





Lego League

Fotoen 1&2: De Lego-League Projekt « Digital Spueresich zu Géisdref » gëtt der Gemeng an dem Naturpark Uewersauer virgestallt.

Foto 3: Eist Plakat

Foto 4: Eise Stand bei der Final vun der First Lego League Luxembourg um Kierchbiere

Foto 5: Präsentatioun vum Projet an der Final um Kierchbiere

Foto 6: Beim Robogame an der Final si mer 2. ginn



Schulsportdeeg



Am Kader vun der Sportswoch gouf mat alle Cyclen e Spendelaf organiséiert.
Am Ganze goufe 7.000€ gesammelt, déi in „En Häerz fir Kriibskrank Kanner“ gespent goufen.
Merci nach emol alle Participants an Eltere fir d'Ënnerstëtzung!



Schoulfest-Rallye Cycle 1-4

Passt op, wann der déi nächst Kéier an de Bësch
gitt... vläicht kuckt iech do schonn dat nächst
Bëschmonster entgéint!





